



N° 7358  
Entrée le 12.12.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 12.12.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/12/2022

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden.**

Et gouf an der Vergaangenheet ëmmer nees dovou geschwat, fir Statistiken zu Persoune mat Handicap ze maachen. Am éischten *Plan d'action de mise en oeuvre de la Convention des Nations Unies relative aux droits des personnes handicapées 2012-2017* gëtt schonn op d'Wichtigkeet vu komplette Statistiken zu Persoune mat Handicap higewisen. Am Bilan vun dësem éischte Plang ass ze liesen, dass dës Statistiken awer bis dohin nach net zustane komm waren. Am zweete Plan d'action fir d'Joren 2019-2024 ass dann allerdéngs just am Beräich vun der Aarbecht vun der Erhiewung vun Date riets. Am Rapport d'activité 2020 vum Familljeministère steet dann ze liesen, dass zesumme mam LISER eng grouss Enquête iwwert Situatioun vu Persoune mat Handicap soll duerchgefouert ginn. Am Rapport fir d'Joer 2021 vum selwechte Ministère steet dann, dass souwuel d'Questionnaire wéi och Prozedur vun der Enquête etabliert gi wieren an d'Enquête am Laf vum Joer 2022 soll duerchgefouert ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesesch dës Froe stellen:

1. Konnt d'Enquête schonn (Stand 1ten Dezember) ofgeschloss ginn?
  - Wa jo, wéini wäerten d'Resultater dovou virleien?
  - Wa nee, wéini soll dës Enquête ofgeschloss ginn a wéini ass mat de Resultater ze rechnen?
2. Wäerten d'Resultater vun dëser Enquête och den am Beräich vum Handicap aktiven Associatiounen an Asblen zur Verfügung gestallt ginn? Wa nee, firwat net?
3. Wäerten d'Resultater vun dëser Enquête och dem breede Public zougänglech gemaach ginn? Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

---



CLEMENT Sven  
Deputéierten

